2018/3

# REWA NEWS



CIPA

‹‹ Résidence Op der Waassertrap ››

ESCEM CERTIFIED ISO 9001:2015

ENTREPRISE SOCIALEMENT RESPONSABLE




Sortie bei de Beruffspompjeeën

GEMENG SUESSEM

CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP

# Inhalt


| | |
|---|---|
| 3. | **Editorial:** Här Georges ENGEL |
| 4. | **Projet:** Lebens- und Erinnerungskoffer |
| 5. | **Projet:** Art - Quadratologo |
| 6. - 7. | **Retro:** Kiermes |
| 8. | **Retro:** Minigolf |
| 9. | **Retro:** Beruffspompjeeën |
| 10. | **Retro:** Marie – Astrid |
| 11. | Gebuertsdagsfeier |
| 12. | **Fest**: Oktoberfest |
| 13. | **Fest:** International Woch - Viva España |
| 14. | **Nächst Fester** |
| 15. | **Et hunn eis verlooss 2018** |
| 16. | **Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2018** E puer Wuert vum Lola |



IMPRESSUM

| | |
|---|---|
| ZEITUNG VUM: | CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| REDAKTIOUN: | Residenten an d'Lola Feltz (éducatrice diplômée/Animation) |
| LAYOUT: | Lola Feltz |
| VERBESSERUNG: | Cliff Schmit |
| FOTOEN: | Personal vun der Equipe Animation a Marie-Paule Muller |
| DROCK: | Am CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| ADRESS: | RESIDENCE Waassertrap \| L-4408 Belvaux |
| TEL.: | +352 59 49 40 - 1 |
| KONTO: | Kontosnummer fir en 'Don' LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE. |
| INTERNET SITE: | www.cipa-sanem.lu |

# Editorial



Léif Résidente, léif Familljemembere, léift Personal,

Et ass mir ëmmer erëm eng grouss Freed op dësem Wee e puer Wieder un iech all riichten ze dierfen. Als Buergermeeschter läit mir besonnesch um Häerz, dass d'Betreiung an eiser Gemeng vun eiser eelerer Generatioun duerch de kommunale CIPA "Résidence op der Waassertrap" gutt ofgeséchert ass. An deem Kontext geet natierlech ee grousse Merci u jiddereen, deen dozou bäidréit, dass et sech an eisem CIPA REWA sou gutt liewen a schaffe léisst.

Ouni eis gutt ausgebilten a motivéiert Personal wier eisen CIPA net dat gutt Haus, wat e ass. Nieft dene villen Auszeechnungen, déi de CIPA REWA an deene leschte Jore verdéngter moossen a villerlee Kategorië gesammelt huet, sinn ech virun allem ëmmer erëm frou ze gesinn, wat de Résidenten och alles um soziale a mënschleche Plang ugebuede gëtt. Sief dat déi wonnerbar Initiativ vum "Lebens- und Erinnerungskoffer", eisen neien Assistenz Hond Mozart, dee sech mëttlerweil méi wéi agelieft huet oder och dee volle Programm, deen eist Animatiouns-Team regelméisseg op d'Bee stellt. An der Hisiicht wënschen ech iech alleguerten elo schonns ganz vill Spaass a Freed bei deenen nächste gréisseren Evenementer, sief dat d'Oktoberfest, déi international Woch oder de Chrëscht-Programm.

Dann ass et mir awer och nach eng grouss Freed iech unzekënnegen, dass eisen CIPA REWA demnächst eng eegen elektresch ënnerstëtzte Rikscha a sengem Fuerpark wäert hunn. Dir frot iech elo villäicht, wat eng Rikscha ass. Dat ass am Fong näischt anescht, wéi ee flotte Vëlos-Taxi, wou zwou Persoune kënne gemittlech vir Plaz huele, während de "Chauffeur" direkt hannert hinnen um Suedel sëtzt a kräfteg mat de Bee struewelt fir dass d'Rikscha och vun der Plaz kënnt. Dës Rikscha passt perfekt an eist Konzept fir och deene Résidenten, déi villäicht net méi sou gutt zu Fouss sinn, d'Méiglechkeet ze gi weiderhi mobil ze sinn.

Ee grousse Merci geet un dëser Plaz awer och un d'Lola Feltz, dat viru véier Joer déi éischten Ausgab vun de REWA News erausbruecht huet. Ënnert dem Lola senger Leedung hu sech d'REWA News zu enger richteger Zeitung entwéckelt, déi een iwwer alles Wichteges hei am Haus informéiert an déi mëttlerweil net méi aus dem CIPA REWA ewech ze denken ass. Merci dem Lola an ech si fest iwwerzeegt, dass d'REWA-News och an Zukunft weiderhin ee feste Bestanddeel vum gudde Liewen an dësem Haus sinn.

Ech wënschen Iech jiddefall alles Guddes, eng gutt Gesondheet an nach ganz vill Fred an eisem CIPA "Résidence op der Waassertrap".

Georges Engel
Député-Maire

# Projet



## Lebens- und Erinnerungskoffer

Wenn man das Wort Biographiearbeit hört, denkt man sofort an Fragebögen, die man ausfüllten muss. Diese Arbeit kann man auch lebendiger unterstützen.

Wir arbeiten mit „Lebens- und Erinnerungskoffern", die jede Person, die zu uns in Zukunft ins CIPA REWA kommt, bei sich tragen kann. Unsere Bewohner müssen Abschied nehmen von zu Hause. Dabei spielt die Übereinstimmung der eigenen Wahrnehmung der Welt, mit der der anderen Menschen, eine große Rolle. Erinnerungen geben dem Menschen seine Identität. Die Koffer, gefüllt mit Gegenständen aus Kindheit, Jugend und Erwachsenenalter sind sogenannte „Erinnerungsschlüssel". Sie sind ein idealer Türöffner und helfen den Bewohnern besser bei der Eingewöhnung, weil sie ein Stück „zu Hause" bei sich haben. Gleichzeitig hilft es auch dem Pflege- und Betreuungspersonal beim Kennenlernen der Klienten. Sie wissen sofort, das mag der Bewohner, mit diesen Leuten hat er sein Leben verbracht, dort hat er gearbeitet, so ist er aufgewachsen... Wir haben 2 Koffer in verschiedenen Größen. Die Koffer sind gefüllt mit individuellen Dingen wie z.B. Photos, Postkarten, Utensilien, Sprüchen, Texten..., die ihr Leben beschreiben.

Am Anfang, wenn sie ins Heim kommen, ist die Krankheit bei den meisten noch nicht soweit fortgeschritten und sie können sich noch an vieles erinnern. Dann ist der große Koffer noch gefüllt. Mit der Zeit, wenn die Erinnerungen schwinden, wird das Gepäck auf der Lebensreise kleiner. Je nach Befinden und „Konfetti im Kopf" reicht ein kleiner Koffer aus. Sie suchen sich die Dinge, an die sich noch erinnern können, aus dem großen Koffer und packen alles in den kleinen. Wichtig für die Bewohner ist, dass sie sich noch an etwas Bekanntem festhalten können. Manchmal füllt gerade auch das die Wissenslücke. Je nach Tagesform und Fortschreiten der Krankheit kann das ganz unterschiedlich sein.



Gedanken werden Worte. Worte werden Bilder. Bilder werden beim Betrachter wieder zu Gedanken. Vieles bleibt davon ewig in unseren Herzen. Oft bis zum Ende unserer Tage. Das ist der wahre Koffer, den wir immer bei uns tragen, egal wohin.
So zeigen uns die Koffer Lebensgeschichten auf, die uns von der Lust zu leben erzählen. Sie präsentieren Dinge, die uns das Leben lang begleiten und wichtig sind. Sie wecken das Interesse und sollen den Betrachter herausfordern über das eigene Leben nachzudenken. Es geht darum, dem Bewohner Freude zu bereiten. Hierbei werden durch häufige Durchführungen Lebensereignisse immer wieder ins Gedächtnis gerufen. Er dient als Grundlage für eine ausführliche Datenerhebung, da durch eine Erzählung zu manch einem Gegenstand auch mal verborgene Informationen genannt werden.
Lebens- und Erinnerungskoffer. Manche sind irgendwann leer. Andere werden immer wieder gefüllt. Sie reisen mit leichtem oder schwerem Gepäck.

Rosi

Die **Ausstellung "Mensch bleibt Mensch!" findet statt vom 16.11.-25.11.18**

Ziel: Demenz im positiven Sinne. Betroffene, Angehörige, Interessierte aufklären, ihnen die Angst und Unwissenheit nehmen.

**20 Bewohnerbilder** werden mit einem professionellen Fotografen gemacht. Die Bewohner sind mit einem kleinen Koffer auf dem Foto zu sehen.

**6 Bewohner** werden mit gefüllten Koffern fotografiert, mit wichtigen Gegenständen, Fotos, Lieblingsstücken, die sie prägten und ihnen Lebenssinn gaben und Lebensbegleiter waren. Die Materialien, die immer noch wichtig sind und an die sie sich erinnern, sind im Koffer und die Materialien, an die sie keine Erinnerungen mehr haben, liegen neben dem Koffer.

# Projet










D'Tamara an d'Lola hunn zesumme mat de Leit aus dem UPG Biller gemoolt no der Method Quadratologo. D'Leit hate vill Freed derbäi.
Dir kënnt d'Bild um 1.Stack am Gank vum UPG bewonnere goen.

# Retro Kiermes














# Retro Kiermes



























# Retro

Um Minigolf zu Réimech hate mir wonnerbart Wierder an eng gutt Stëmmung. Dat alles huet dozou bäigedroen, dass et e gelongenen Dagesausfluch war. D'Fotoe schwätze fir sech.













# Retro








Visitt bei de Beruffspompjeeën an der Stad.

Mueres um hallwer 10 si mir vum Cipa aus Richtung Stad gefuer. Um Programm stoung eng Visitt bei de Beruffspompjeeën. Mir goufe mat grousser Freed empfaangen an och eis Bewunner sou wéi d'Personal hu sech op dësen Dag gefreet.

Ee Beruffspompjee huet eis eng immens flott an ënnerhalend Visitt erméiglecht. Hien huet eis gesot, dass 188 Männer an 2 Frae bei de Beruffspompjeeën an der Stad schaffen. Hien huet eis awer och gezielt, wéi en Alldag bei hinnen ausgesäit a fir wéi eng Fäll si alles geruff ginn. E prakteschen Deel stoung och um Programm. Fir d'éischt gouf den Här Brandenburger mat der Beruffskleedung agekleet. D'Madame Wirtz, den Här Fonck an den Här Kreuter kruten hire Bluttdrock gemooss, well och dat muss e Beruffspompjee kënnen. Déi verschidde Kläng goufen eis virgespillt an mir krute gewise wéi een déi 2 Meter laang Staang an engem Noutfall erofrutscht. Dono goung et héich an d'Luucht. 30 Meter sinn eis Bewunner mam Lift an d'Luucht gefuer. Ganz wichteg: de Sëcherheetshelm gouf ugedoen a begleet goufe si vun engem Pompjee. No döser spektakulärer Héicht goung et weider. Eis Bewunner kruten och nach gewise wéi ee mat engem Schlauch ëmgeet am Fall vun engem Brand. Dësen hat eng immens Wucht an et brauch ee scho Kraaft fir dëse festzehalen. Ganz schnell war et 12 Auer a mir hunn eis sou lues op de Wee gemaach fir iessen ze goen.



Dës Visitt huet eis all immens gutt gefall a mir freeën eis schonn op déi nächste Kéier. Villmools Merci dem Anita Müller, dem Här Marc Brandenburger an dem Här Georges fir dëse flotte Mueren.

Tamara

# Retro

Ausfluch Marie - Astrid









Dëst Joer hu mir eis zweemol um Schëff Marie - Astrid verwinne gelooss. Um hallwer Zwielef si mir mam Schëff fortgefuer. Nom Mëttegiessen hu mir eis Bootsfaart dobaussen oder dobanne genoss. D' Leit waren all zefridden! D'nächst Joer si mir sécher nees derbäi.

# Fest



Gebuertsdagsfeier



Den 8. Juli 2018 huet

MME OLIVEIRO-BACH NICOLE **70 JOER**, MME WIRTZ VALERIE **75 JOER**, M BERGAMI JOSEPH **80 JOER,** MME HENTGES MARIA, MME PIREN LEONIE, M HILGER ROGER **85 JOER**, MME HAUSEMER CATHERINE, MME PEGEL MARIE-THERESE AN MME KIGGEN-VAN HEUTGEN GERARDA **90 JOER** gefeiert.





# Fest


De CIPA
'Résidence op der Waassertrap'
invitéiert Iech op
d'
Oktoberfest
So. 14. OKT 2018
11⁰⁰–17⁰⁰
MUSEK MAT
Happy Sound
MENÜ
Schwéngshéis, Sauermous,
Speckgromperen & Kaffi an Dessert
Präis: 22.– € Kannermenü: 10.– €
Service Repas um 12:30 Auer
Umelle w.e.g. bis den 8. Oktober 2018 um Tel: 59 49 40-1 | Méindes bis Freides vun 08:00 bis 18:00 Auer
GEMENG SUESSEM
CIPA
RÉSIDENCE
OP DER
WAASSERTRAP
cipa-sanem.lu

# International Woch

vu méindes, de 05.11.2018
bis sonndes, den 11.11.2018

- Italieneschen Dag
- Belschen Dag
- Schwäizer Dag
- Balkan Dag
- Lëtzebuerger Dag
- Franséischen Dag
- Spueneschen Dag

## Viva España

SONNDES, DEN 11. NOVEMBER 2018

Tapas
Paëlla Valencienne
Surprise du pâtissier
et café
22€

Am Festsall vum CIPA

"Résidence op der Waassertrap"

Musik mam
René 'El Payo'

De Service geet um 12:30 Auer un!

**MELLT IECH W.E.G. AN DER REZEPTIOUN UN**
**UM TEL 59 49 40—1**
**BIS DE 05. NOVEMBER 2018**
**Méindes bis Freides vun 08:00 – 18:00 Auer**

# Nächst Fester

| | |
|---|---|
| 30. September 2018 | **CONCERT APERO UPG** |
| 07. Oktober 2018 | **PAPPENDAGSFEIER**/ FÊTE DES PÈRES |
| 14. Oktober 2018 | **OKTOBERFEST**/ FÊTE OCTOBRE |
| 11. November 2018 | **VIVA ESPAÑA** |
| 25. November 2018 | **CONCERT APERO UPG** |
| 05. Dezember 2018 | **NIKLOSDAGSFEIER**/ FÊTE ST. NICOLAS |
| 09. Dezember 2018 | **CHRËSCHTBAZAR**/ BAZAR DE NOËL |
| 24. Dezember 2018 | **CHRËSCHTSANGEN**/ CHANTS DE NOËL |




Sonndes, de 07. Oktober 2018

ab 10:30 Auer an der Cafeteria

Musikalësch Begleedung

mam Duo Zanella

# Et hunn eis verlooss 2018:

| | |
|---|---|
| Mme Molitor Annie | + 04/11/2018<br>AM ALTER VU 95 JOER |
| M Fonck Henri | + 30/08/2018<br>AM ALTER VU 85 JOER |
| M Muller Jacques | + 10/09/2018<br>AM ALTER VUN 82 JOER |
| M Soanni Gaetano | + 20/09/2018<br>AM ALTER VU 86 JOER |





Eine Stimme, die uns vertraut war,
schweigt.
Ein Mensch, der immer für uns da
war, ist nicht mehr.
Er fehlt uns.
Was bleibt, sind dankbare
Erinnerungen,
die uns niemand nehmen kann.

# Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2018

## Bienvenue aux nouveaux collaborateurs 2018

| Nom | Prénom | Date d' entrée | Service |
|---|---|---|---|
| BERCHEM | Fabien | 16.07.2018 | Cuisine |
| DIAS MARQUES | Liliana | 15.07.2018 | Cuisine |
| ADAM | Chantal | 15.07.2018 | Ménage |
| BARBONI | Cecilia | 16.07.2018 | Ménage |
| FURTADO ANDRADE | Jocelyne | 01.09.2018 | Assistance & Soins BF2 |
| SIMOES VALE | Natacha | 01.09.2018 | Cuisine |



2014 hunn ech déi éischte **REWA NEWS** erausbruecht. Se hat ganzer véier Säiten. De Spaass um Schreiwen huet mat sech bruecht, dass se no a no zu enger Zeitung mat 16 Säite gewuess ass an 3—4 Mol am Joer eraus kënnt. D'Iddi vun der Zeitung ass, dass d'Leit iwwer Neies oder Aktuelles informéiert ginn. Theme, Projete, Fester, Ausflich déi ustinn, Changementer am Haus, Leit déi eis verlooss hunn, eis nei Mataarbechter, mee och Fotoe vun de Fester, Ausflich, Ausstellungen déi ware, sollen dra sinn.

Lo ass 2018 an ech schaffen u menger drëtter a leschter Ausgab vun dësem Joer. Lo iwwerhëlt eng aner Persoun dës Charge an ech hoffen, dass hien oder hatt grad esou vill Spaass mat de **REWA NEWS** kritt wéi ech dat hat.



Ech wënschen iech alleguer nëmmen dat Bescht.

Lola

Educatrice diplômée